Sommedieue am Schnéi

Pënktlech fir den Joresofschloss vum Flyfishing Club aus Lëtzebuerg wor den Wanter angetraff an hat um Domaine vun Sommedieue bei Verdun den wäissen Teppech fir eis ausgerullt. Mir haten eis zu énger 16 Fëscher éng leschten Kéier an dësem Joër op den Weë gemeet fir zu Sommedieue den Wanter anzelauden an sin virum Wanterschloof nach éng Kéier esou richtég verwinnt gin. Zum Gkéck hat et um Virdag geschneit, esou dass eis Unrees onproblematesch verlaaf ass ewell d´Stroossen erëm fräi woren. Bei knackégen Temperaturen ënnert dem Gefréierpunkt an lichtem Schnéifall hun mir een wonnerschéinen Dag beim Waasser mat ganz vill Fësch erliewt. Ungefaangen hun mir ewei ëmmer mat eiser noutwendeger Dosis Koffein ewell ouni Kaffi kommen mir Moies net esou richtég op Touren. Mée knapps wor den Kaffi gedronk do haten mir och schon d´Staangen zesummengestach, d´Rullen opgeluecht, déi richtég Méck ungemeet an schon stungen mir beim Waasser. Et huet och guer net laang gedauert do hun sech déi éischt Erfollegserliewnesser angestallt. d´Staangen hun sech gebéiht an d´Fëscher haten roud Backen vun Opreegung. Natirlech wor et awer och een richtégt Wanterfëschen wat mat sech bruecht huet dass d´Réngelcher vun den Staangen zougefrour sin an d´Fëscher sech och hun missen, dem Wieder entspriechend, gudd waarm anpaacken mée grad dat huet och säin Charme an wann d´Fësch bäissen ass d´Keelt esouwisou schnell vergiess. d´Fësch hun sech wirklech net fléiwen geloos an et sin der och vun allen Zorten gefaangen gin, staark Reebouforellen, wonnerschéin Baachforellen, herrlech gefierwten Saiblingen an zeguer Äschen konnten mir verschidentlech iwwerlëschten.

Um halwer éng huet den Steven d´Klack gelaut an mir hun eis anfond fir ze iessen. Fir d´éischt ass awer beim Komptoir den Appero gehol gin. Dat ass dann och d´Geleenheet fir den leschten Beschass ennert eneen auszetauschen ewell beim Waasser gin ëmmer nëmmen déifgoënd philosophesch Gespréicher gefouert ewei, mat ewei énger Méck fëschs de? ewei éng Schnouer hues de opgezun? oder ewei schnell zits de déng Méck eran, dëst sin eminent wichtég Saachen beim Méckenfëschen an gin meeschtens gefrot wann deen anneren schon een Fësch gefaangen huet an du selwer nach keen. Nodeems den den éischten Duuscht geläscht wor hun mir eis ungesat an den Bruno huet eis Coq au vin rouge mat gebotschten Gromperen zervéiert. Dësen Menue haten mir eis eegens bestallt ewell deen eis esou gudd geschmaacht hat ewei mir fir d´lescht do gefëscht hun. Duerno ass den Kéis op den Dësch komm an fir ofzeschléissen ass et éng boule Vanillsglace mat éngem Stéck Taart gin. Fir dat Ganzt ofzerënen nach schnell éng Taas Kaffi an schon woren mir erëm beim Waasser ewell am Wanter sin Deg dach zimlech kuurz.



Esou ass schon erëm een Joër zu Enn gaangen, mit haten vill schéin Sortiën an beschter Komerodschaft. Et ass bei eisen Sortiën vill gelaacht an gestëppelt gin, mir woussten eis och ëmmer kulinaresch ze verwinnen an den een oder anneren Patt huet och dozou gehéiert. Wor et nach mam Wieder schlecht ungaangen, Boismont wor ausgefall ewell den Weiher zougefrour wor, duerno haten mir éng ganz vereenten Sortie op Lacroix sur meuse an zeguer zu Latilly hat et geschott ewei mar Eemeren. Duerno wor eis Sortie op Freux ausgefall ewell et ze waarm wor mée eis Sortiën am Hierscht woren dann mat wonnerschéinem Hierschtwieder geséint an ofschléissend wor zu la Strange an zu Sommedieue d'Wieder der Joreszäit ungepasst. Eis Sortiën woren ëmmer vun Harmonie gekréint an esou munech Anekdot behalen mir och vun dëser Fëschsaison zeréck, esou zum Beispill déi fantastesch Grillade zu Saulxure sur Moselotte an den Vogesen ewou mir och dëst Joër vill an déck Fësch gefaangen haten, déi wonnerschéin Baachforell déi eisen Präsident zu Lacroix sur meuse gefaangen hat, déi vill geselleg Momenter zu Sommedieue an zu Latilly an ofschléissend natirlech den Jambonneau zu la Strange. Den Mätch fir den Titel vum Clubchampion wor och dëst Joër erëm ganz spannend an een wiirdegen Clubmeeschter mam Gilson Mich wor och schnell fond ewoubäi et fir den Zweeten, den Dan Pierrot, net all ze schwéier wor dëst ze verkwëssen ewell Hien jo schon ee puer mol Clubchampion wor. Ofschléissend loossen mir elo d'Joër an den Bannkuren auslaafen an stellen mat vill Virfreed den Programm fir d'Joër 2013 op. Et bleiwt nëmmen nach all eisen Memberen een besënnlecht Krëschtfest an een grad esou schéint Joër ze wënschen ewei et eis dëst Joër vergönnt wor.



schéin Feierdeg an halt Terch monter